ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 22/11/2023

Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

Sëtzung vum 11 November 2023

Presenzen

Present	Net present
CINCIS Patrick	BOCK Stefanie (entschëllegt)
DOEMER Patrick	BROSIUS Thierry (entschëllegt)
KIEDER Diane	
LEROY Michelle	
MEYER Louis	
PINTO Toni	
REDING Corinne	
WETZEL Mike	
WIRTZ Sandra	

Punkt 1 : Begréissung

Well et déi éischt Versammlung vun der Kommissioun war hunn Leit sech virgestallt.

Punkt 2 : Nominatioun vun den Posten

Diane ass vun den Memberen vun der Kommissioun gefrot ginn fir den Posten als Präsidentin ze iwwerhuelen. Den Patrick géing eventuell den Posten vum Vize-Präsident iwwerhuelen. Béid hunn sech nach Bedenkzäit bis zur nächster Sëtzung gefrot. Follgend Persounen géingen eventuell déi verschidden Posten besetzen:

- Präsident(in): KIEDER Diane
- Vize-Präsident: CINCIS Patrick
- Sekretäre: WETZEL Mike

Et dass nach zu kenger Ofstëmmung zu den Posten komm.

Helperknapp, 22/11/2023

Punkt 3 : Divers

- **Réckbléck**

  Diane wat an der leschter Period och an der Kommissioun war, huet en Réckbléck vun den Aktivitéiten vun der leschter Kulturkommissioun gemaach. Et dass konstatéiert ginn dass keng Projeten mei ob sinn awer nach en Partie Iddien do sinn, wat en an Zukunft kéint ëmsetzen.

- **Konscht um Bill**

  2024 wäert keng Ausstellung "Konscht um Bill" ginn. Des soll nëmmen all 2 Joer stattfannen, well Raimlechkeeten och nëmmen all 2 Joer zur Verfügung stinn. Déi lokal Kënschtler sollen och genuch Zeit hunn fir nei Wierker ze schaffen.

- **Kulturell Raimlechkeeten**

  An enger éischter Diskussioun ass festgestallt ginn, dass et e Manktem un adequaten Raimlechkeeten fir Kulturell Aktivitéiten geet. Et sinn awer keng weider Prezisiounen festgehal ginn.

- **Kommunikatioun**

  Fir déi intern Kommunikatioun tëscht den Memberen ze vereinfachen ass eng WhatsApp Grupp erstallt ginn.

Punkt 4: Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung ass den **11 Dezember um 18h00** Auer, den Sall geet nach matgedeelt.

Ordre du jour:

1) Approbatioun vum Rapport 11/2023
2) Nominatioun vun den Posten
3) Identifizéieren vun neien Projeten
4) Divers
5) Nächst Sëtzung bestëmmen